

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°10 / 2011



Votre bibliothèque municipale
vous propose un vaste choix de livres



www.esch.lu

Séance du Conseil communal du
vendredi 2 décembre 2011

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Pierre-Marc Knaff

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Syndicats communaux et commissions consultatives: nominations; décision	5
5. Office social de la Ville d'Esch-sur-Alzette:	
a) Comptes de gestion des exercices 2008, 2009 + 2010; décision	6
b) Allocation de vie chère 2011; décision	6
c) Budget rectifié 2010 + budget 2011; décision	6
6. Inventaire supplémentaire des monuments nationaux: inscription de divers immeubles des sites «Crassier des Terres Rouges» et «Lentille des Terres Rouges»; avis	7
7. Aides pour la rénovation de façades d'immeubles au centre-ville d'Esch-sur-Alzette; décision	11
8. Transactions immobilières; décision	12
9. Modification du règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition d'appareils ménagers (A++ et A+++); décision	13
10. Convention de remboursement dans le cadre de l'établissement d'un cadastre des biotopes; décision	13
11. Conventions entre la Ville et les moniteurs dans le cadre des activités sportives «Intégration par le sport»; décision	14
12. Avenant à la convention avec l'asbl «4Motion»: décision	15
13. Convention avec «myenergy Luxembourg»; décision	16
14. Autorisation d'ester en justice (PAP Cactus Lallange); décision	15
15. Questions de personnel; décision	17
16. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier pour les exercices 2007 à 2010; décision	18
17. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier pour l'exercice 2011; décision	18
18. Titre de recettes; décision	18
19. Subsidés extraordinaires; décision	18
20. Subside au Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la ville pour l'exercice 2011; décision	19
21. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2012; décision	20
22. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	20



Sëtzung vum Escher Gemeengerot Freideg, den 2. Dezember 2011

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, da kéinte mer elo mam éffentlechen Deel vun eiser Gemengerotssëtzung ufänken a mir géingen dann och d'Membere vun der Press hei häerzlech dozou invitéieren.

Weí all Kéier kommen déi Konklusiounen oder déi Décisiounen déi am Zesammenhang mam Huis clos vun de Personalfroe geholl gi sinn am Laf vun der Sëtzung eraus, esou dass d'Membere vun der Press déi och kënne mathuelen. Ech wéilt awer hei vläicht zwou Saachen eraushiewen, oder eise Personalschäfte kann et vläicht maachen? Mir hunn eng Persoun déi mer désignéiert hu fir faisant fonction vun eise Secrétaire communal, dee fort ass. Dat ass en zukünftege Secrétaire général dee mer hunn. Mä ech géing ganz einfach eise Personalschäfte kuerz d'Wuert gi fir dat ze resuméieren. Dat ass mengen ech awer ganz flott, ausserdeem hu mer och en neien Direkter.“

Schäfte Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Just da ganz kuerz. Nodeem den Här Jeannot Clement a seng wuelverdénge Pension gaangen ass, hat de Gemengerot hei am Fréijoer dëst Joer, den Här Marc Limpach désignéiert als Secrétaire adjoint. A mir soen dem Här Marc Limpach och Merci fir déi Méint, wou hien déi Aarbecht gemaach huet, zu eiser absolut vollster Zefriddenheet. Hien huet eis awer elo, nodeem d'Walen eriwuer waren, nodeem den neie Schäfte rot constituéiert ginn ass, huet hien eis matgedeelt, schréftlech, datt déi Aarbecht awer net dat wier, wat senger Wënsch, senger Virstellung gëif entsprechen, an hien huet eis gefrot duerfir fir kënne op dee Posten ze verzichten, well hien éischter un aner Fonctionen an Aarbecht interesséiert ass. Mir kommen herno beim Punkt vun de Personalstellungen en séance publique drop zrëck. Bei der Kreatioun vum Service des archives, wou den Här Limpach éischter drun interesséiert ass a mer och iwwerzeegt sinn, datt hien dat ganz gutt ka maachen. Mä dee Punkt kënnt herno.

Den éischte Punkt war also de Remplacement vum Här Limpach op de Secrétaire adjoint. En zweete Punkt dee mer hate war dunn natierlech, well dunn natierlech d'Plaz vum Sekretariat op gestanen huet, war dunn d'Désignatioun vum Här Jean-Paul Espen, eise Jurist, als Remplaçant de longue durée, am Moment fir e Joer, fir e Joer als Remplaçant de longue durée anzustellen, en attente, datt Esch vum Inneminister e Secrétaire général accordéiert kritt. Am Prinzip ass et esou laut

Gesetz, datt dat nëmme méiglech ass ab 40.000 Awwuner. De fréiere Schäfte rot hat awer scho virun der Sommervakanz mam Här Halsdorf eng Korrespondenz fir hien ze froen, ob et net awer méiglech wier, datt Esch, well Esch am Wuesstem ass mat den Nonnewisen, mat der Universitéit an esou virun, fir awer dee Secrétaire général accordéiert ze kréien. Deemools huet den Här Halsdorf gesot, am Prinzip Jo. Et ass dunn eng zweete Kéier nogehakt ginn an do huet den Här Halsdorf dat nach eng Kéier konfirméiert, huet allerdéngs gesot, datt dat eréischt kënnt gemaach ginn am Kontext vun der Gehälterreform, déi d'nächst Joer am Juni um Ordre du jour soll stoe vun der Regierung. Esou datt mer am Moment den Här Jean-Paul Espen, eise Jurist astellen als Remplaçant de longue durée, also fir e Joer.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Hei, kënne mer e bësse Rou kréien, wann ech gellift, et ass ganz schwéier sech ze konzentréieren hei am Schäfte rot.“

Schäfte Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Wann dann am Kader vun där Gehälterreform déi Décisioun fällt, Esch dee Secrétaire général ze accordéieren, dann ännert sech d'Situatioun natierlech an deem Sënn, datt mer e Secrétaire général wäerten hunn. Am Moment ass also eng Nominatioun à longue durée fir ee Joer vum Här Jean-Paul Espen fir d'Sekretariat ze assureieren.

Drëtt Décisioun, déi mer geholl hunn à Huis clos, huet ze di mat der Pensionéierung vum Här Jean Goedert, eise fréiere Chef architecte. Mir soen dem Här Goedert vun dëser Plaz aus och nach eng Kéier häerzlech Merci fir all déi Aarbecht, déi hie fir d'Stad Esch a senger berufflecher Tätegkeet gemaach huet. Mä och hie muss dofir ersat ginn. Bis elo war den Architecte adjoint, dat war den Här Luc Everling. De Schäfte rot huet dunn dem Gemengerot proposéiert, den Här Everling als Architecte directeur ze nennen. Domat war de Gemengerot och d'accord. Also och déi Décisioun ass gefall. Mir hunn also en neien Architecte directeur. Déi véiert Décisioun ass eng Décisioun, wat d'Sécherheetskultur hei an der Escher Gemeng ubelaangt. Op där enger Säit hu mer en Travailleur désigné, deen ass awer schonn do, den Här Tapp, op där anerer Säit hu mer fir d'Sécherheetskultur en Ingénieur technicien gesicht, en Délégué à la sécurité. Et ware 4 Kandidaturen do. Eng eenzeg war recevabel. Dat war déi vum Här Laux a mir hunn, nodeem de Conseil de recrutement déi Konditiounen

ënnersicht huet, och seng Beruffserfahrung ënnersicht huet, ass de Schäfte rot an de Gemengerot zur Konklusioun komm, datt mer den Här Laux astelle vum 1. Januar un als Délégué à la sécurité hei an der Escher Gemeng. Dat sinn déi Décisiounen, déi mer also am Huis clos geholl hunn.“

3. Correspondance

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci fir dëse Résumé. Mir kéimen dann direkt zum Punkt Korrespondenz. Do wollte mer lech hei matdeelen an ech mengen Dir kritt et och nach en copie, dass d'Stad Esch sech solidarisiert mam Warnstreik vum 07. Dezember an dass mir dofir am Schäfte rot d'Décisioun geholl hu fir déi Membere vun eise Personal déi dat wënschen, fir déi fräi ze stellen, dass se kënne un där Aktioun Deel huelen. Dat schéngt eis ganz wichteg, well mir sinn als Stad Esch nach ëmmer ganz enk verbonne gewiescht mat der Stolindustrie. Fir eis ass dat e Geste, en Akt deen och eng Dokumentatioun vu Solidaritéit ass vu Säite vun der Escher Gemeng.

Ech hat eng Wuertmeldung vum Zénon Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech begrëssen natierlech dat wat Dir elo gesot hutt. Ech wollt awer nach e weidere Virschlag maachen an deem Zesammenhang. Ech mengen et wär fir eis Gewerkschaften, den OGBL, den LCGB, d'CGFB, wat jo awer wierkelech déi dräi representativst Gewerkschaften am Land sinn, och e grouse politesche Secours wann de Gemengerot hei géif eng Solidaritéitserklärung un d'Adress vun deenen Aktiounen déi elo d'Gewerkschaften amgaange sinn ze preparéieren fir eis Aarbechtsplazen, fir eis Siten ze erhalen an ech wär frou wann de Conseil kéint als Conseil déi politesch Erklärung ginn, dass e sech och géif solidarisiéieren mat deenen Aktiounen. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Bernard. Hutt Dir do vläicht e Schrëftstéck, dass mer do kënne offiziell eng Positioun huelen oder mengt Dir, dass dat mat enger mëndlecher Déclaration d'intention...“

Zénon Bernard (KPL): „Eng mëndlech geet duer.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „An der Rei. Majo dann huele mer, wann

Dir d'accord sidd, huele mer eng Ofstëmmung iwwert déi Proposition déi ech perséinlech eng ganz gutt fannen an hannert där de Schännerot ka stoen, huele mer eng Ofstëmmung an da géng sech de Gemengerot offiziell solidariséieren an dobäi kënnt dann – an ech géng vläicht bieden, dass dat ka verdeelt ginn – dobäi kënnt dann och nach déi Note de service déi eise Leit et erlaabt jiddweree fir sech och sech ze solidariséieren andeem e kann op där Manifestatioun Deel huelen.“

Zénon Bernard (KPL): „Voilà, esou hunn ech dat gemengt.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité de se solidariser avec les grévistes de la sidérurgie et avec leur grève d'avertissement.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir géngen eng ganz kuerz Interruption de séance maachen an an enger Minutt erëm ufänken.“ (Ennerbriechung)

„Ech géng lech da bieden erëm Plaz ze huelen an déi kuerz Interruption de séance ze entschëllegen. Ech wollt e kleng Broch maachen tëschent deene méi organisatoresche Froen an där traureger Pflicht déi ech haut hunn, fir e puer Wuert zum Doud vun eise Léiwe verstuerwene fréiere Conseiller a Schäffen, dem Paul Helbach ze soen.“

Jiddwereen deen hie kannt huet, an dat dierften der heibanne ganz vill sinn an dat sinn och ganz vill Leit hei zu Esch – dat huet een och gesi wou mer virun 2 Deeg d'Geleehheet beim Begriefnis dobäi ze sinn – deen ass sech bewusst, et war e bescheidene Mensch, e frëndleche Mensch a virun allem e gudder Kolleg deen elo fir ëmmer vun eis gaangen ass. De Paul Helbach war vun 1970 u fir d'CSV als Conseiller am Escher Gemengerot, wou ech, an net nëmme ech, hien als gudden ëmmer korrekt Kolleg kennegeleiert hunn a wou ech och muenches

vum him konnt léieren. Ech weess, dass vill Kollegen heibanne ganz regelméisseg a ganz oft op säi gudder Rot gezielt hunn an hie fir vill Froen ugeruff hunn a consuléiert hunn.

Vun 1994 – 1997 war hien och als Schäffen aktiv. Engagéiert war hien zousätzlech nach an der Bauten- an an der Kulturkommissioun, ganz aktiv. Hien huet sengen Flichten am Dénkscht vun der Stad Esch mat ganz vill Energie an och Idealismus erfëllt an hat dobäi ëmmer eppes wat hie bei jiddwerengem, ob hei am Haus oder dobausse bei de Leit, ganz besonnesch beléift gemaach huet: Den Här Helbach hat e groust a gutt Häerz. Hie war, trotz senger imposanter Statur a senger Léift fir de Boxsport, virun allem e sensible Mensch, eng ganz mënschlech Persoun. A senger Wieder, a sengen Entschéedungen, a sengem ganze Wiesen. Fir seng Mënschlechkeet a seng Gedold war hien awer net nëmme hei am Haus bekannt, mä och bei senger Schülerinnen a Schüler am Escher Jongelycée wou hie Latäin, Franséisch an al Griichesesch ënnerriicht huet.

Hie war bestuet mat der Madame Lila Kapp an hat mat hir 3 Kanner. Hie war Bopa an Urgrousbopa. Den Hannerbliewenen eist häerzlech Bäileed. Mat sengen 90 Joer konnt hien op en erfëllte Liewen zrëckblécken an ech mengen, dass dës Tatsaach, deenen déi zrëckblewen e groussen Trouscht spende kann. Schlësse wéilt ech mat engem latäinesche Sproch deen den Här Helbach fräi eraus iwwert säi Gedicht „Rückblick eines Lehrers“ gesat hat: Non omnis morietur – Er wird nicht ganz sterben. Genau esou ass et. De Paul Helbach bleift fir eis onvergiesslech. Hien huet eng fest Plaz an den Anale vun eiser Stad an an den Häerzer vu senger Matmënschen, a virun allem vun allen Escher.

An elo bieden ech lech mat mir zesummen opzestoe fir eng kleng Gedenkminutt fir eise Paul anzeleeën.“

(Gedenkminutt)

„Ech soen lech Merci.“

4. Syndicats communaux et commissions consultatives; nominations; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech géng lech da bieden mam Ordre du jour virunzefueren. Mir hunn als véierte Punkt eis Syndikater um Ordre du jour stoen. Dat si virun allem déi mat deene mer déi leschte Kéier nach net konnten ofschlëssen, well d'CSV Fraktioun eréischt méi spéit konnt eng Rei vun Décisiounen huelen. Mir hunn elo déi Informatiounen

all kritt. Et ass nach e kleng Rectificatif ënnerwee, deen ech lech géng bidden mat a Considératioun ze huelen. Ass do de Wonsch nach ee Wuert dozou ze soen oder kënne mer direkt zum Vote dozou kommen? Här Zwally?“

André Zwally (CSV): „Also mir kënnen do zum Vote kommen, Madame Buergermeeschter. Dat ass ok esou. Sollt nach iergendwou eppes optauchen, dann ass souwisou nach d'Méiglechkeet fir an der nächster Sitzung e Rectificatif ze maachen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Ech mengen dee musse mer secret maachen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal procède par vote secret et accepte à l'unanimité les changements aux syndicats communaux et commissions consultatives.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir haten och gesot, dass mer haut nach eng Kéier géngen op d'Motioun vum Här Baum ze schwätze kommen. Här Baum, wéilt Dir dozou nach e puer Wieder soen?“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, vläicht ganz kuerz. Ech mengen, datt et eng Motioun ass déi am Sënn ass vun enger Säits méi Transparenz, wat d'Kommissiounen ugeet. Méi Transparenz fir d'Bierger dobaussen. Et ass awer och mengen ech eng Motioun déi duerch déi Transparenz d'Aarbecht an de Kommissiounen valoriséiere soll an ech géif proposéieren, datt mer an Analogie zu deem wéi dat och an der Chamber zënter Uganks 2010 de Fall ass an der Chamber, op Initiativ vun deene Gréngen hin, fir d'Rapporte vun de kommunale consultative Kommissiounen, fir déi am Respekt natierlech vun deene legalen Obligatiounen do wou en Anonymat erfuerdert ass, fir et an deem Respekt public ze maachen. D'Rapporte vun de Kommissiounen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Jo, Merci, Här Baum. Mir hunn och wéi

mer dat gesot haten am Schäfferot doriwwer geschwat. Mir hunn och mat eise Jurist zesumme gekuckt wéi een dat handhabe kann am Aklang mat de legale Viraussetzungen. Mir sinn och am Kontakt mat der Chamber fir eis Detailer ze gi wéi si et an der Praxis handhaben, esou dass ech lech géing proposéiere fir déi Motioun zwar wuel haut zur Ofstëmmung ze bréngen, mä fir eventuell eng Ajoute ze maachen, dass soll e Groupe ad hoc agesat ginn, dee sech souwuel mat der Mise en oeuvre vun där Proposition beschäftegt, wéi och mat deene gesetzleche Kaderbedingungen, dass dat kann am Oflaf mat all deem geschéie wéi mir et hei an der Gemeng musse maachen. Zousätzlech wëlle mer och déi Aussoen déi am Koalitionsaccord, respektiv an der Schäfferotserklärung gemaach gi si ronderëm d'Ouverture vun eise Kommissioun fir extern Membere wëlle mer dat och mat traitéieren a mir géingen lech da bieten eis Ären Accord ze gi fir en Zousatz zu Ärer Motioun ze maachen, dass mer déi dann an enger ofgeännreter Versioun kéinten zur Ofstëmmung bréngen. Ech géing awer nach eng Wuertmeldung consideréieren, oder am Moment ass just eng do, dat ass déi vum Här Codello."

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. D'LSAP Fraktioun ass natierlech mat där doter Motioun, wat de Sënn an och d'Idee vun der Transparenz ugeet, voll averstanen. D'Madame Buergermeeschter huet och elo grad op de Koalitionsaccord higewisen, deen och eng gewëssen Ouverture vun de Kommissioun jo virgesäit, mä fir awer direkt eng Décisioun ze huelen, d'Berichter vun de Commissions consultatives opzemaachen ass et vläicht nach verfréit, well dat huet jo awer Konsequenzen. Mir wëssen och dass, an dat war och eng Diskussioun laang an der Chamber ier se opgemaach gi sinn, dir wësst och, dass Beamten un deene Sitzungen Deel huelen, d'Beamten huelen och d'Wuert an deene Sitzungen a mir mussen awer ëmmer e gewëssene Schutz vun deene Beamte garantéieren, well déi sech net dobausse kënne verdedegen. Duerfir proposéiere mir, wéi d'Buergermeeschtesch et gesot huet, en Tiret anzesetzen deen do heescht: „à instaurer un groupe ad hoc, composé par tous les groupes politiques représenté au conseil communal afin d'analyser les démarches proposées et de présenter les conclusions au conseil communal“.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir sinn heibanne méi schnell wéi de Blëtz. Merci, Här Codello, och fir dës Proposition de modification. Ass dat eng

Proposition déi och dem Auteur vun der Motioun kéint gefalen?“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Déi kënnt dem Auteur souguer ganz gutt gefalen. Ech menge mir sinn eis alleguerter bewosst, datt et jo och Implikatiounen huet op d'Aart a Weis wéi d'Rapporte redigéiert sinn. Do wäerte sécherlech och mussen Ännerunge virgeholl ginn. A fir en Ad hoc-Grupp, Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee parteiwwergräifend, wat och wichteg ass, zesummegesat ass, deem kann ech mech just uschlëssen, an datt mer dann d'Konklusioun vun deem Aarbechtsgrupp deemnächst hei an enger Reunioon presentéieren. Also ech sinn averstanen domatter.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt. Villmools Merci. Sidd Dir dann d'accord, dass mer déi ofgeännert Motioun kënne zur Ofstëmmung bréngen? Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la motion suivante:

Le Conseil communal, Considérant que les rapports des commissions parlementaires furent rendus publics depuis début 2010;

Considérant que le Collège échevinal dans son programme de coalition entend vouloir étendre la participation des citoyen-ne-s aux commissions consultatives aux citoyen-ne-s non-membre d'un parti politique;

Estimant que le travail des commissions consultatives communales devrait être valorisé davantage;

Estimant que, dans le souci de transparence, tou-te-s les citoyen-ne-s de la Ville d'Esch-sur-Alzette devraient avoir accès aux rapports des commissions consultatives;

invite le Collège des Bourgmestre et Echevins

à rendre publique les rapports des commissions consultatives dans le respect des obligations légales à instaurer un groupe ad hoc, composé par tous les groupes politiques représentés au conseil communal, afin

d'analyser les démarches proposées et de présenter les conclusions au conseil communal.

5. Office social de la Ville d'Esch-sur-Alzette:

a) Comptes de gestion des exercices 2008, 2009 + 2010; décision

b) Allocation de vie chère 2011; décision

c) Budget rectifié 2010 + budget 2011 ; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Mir géingen da weiderfuere mat Punkt 5, dat ass eisen Office social, an zwar souwuel d'Comptes de gestion vun den Exercice 2008, 2009 an 2010 wéi och d'Allocations de vie chère 2011 an och de Budget 2011 pour décision, Madame Schäffin, Dir hutt d'Wuert.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP):

„Merci. Kolleginnen a Kollegen, Dir gesitt mir komme sou lues bäi an den ale Konten, vun dem alen Office social. D'Compte de gestion 2008 an 2009 an 2010 leien elo vir. Dir wousst vun deem Problem, oder déi Nei net, vun dem Problem um Ministère, datt do eng länger Zäit déi Fra déi déi Konte kontrolléiert huet, krank war. An et ass awer elo ofgeschloss gi fir kënne eriwuer an deen neie Budget ze goe vun deem neien Office social. Ech géif vläicht déi 3 Konten hannerenee presentéieren.

Den Exercice 2008 wou mer an den Dépenses 3.928.765,73 Euro hunn an an de Recettes 1.785.679,40 Euro, wat e Mali mécht um Exercice vun 2.143.086,33 Euro.

Mir ginn dann eriwuer op d'Joer 2009, wou mer Dépenses hu vun 4.132.250,66, Recettë 4.195.454,61, mat engem Boni um Exercice vun 63.203,95 Euro.

A schlëssen of da bei 2010 an den Dépenses mat 2.051.792,84. Recettë vun 3.077.885,36 an engem Boni um Exercice vun 1.026.092,52 Euro. Ech mengen déi mussen extra gestëmmt ginn, Här Sekretär?“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Här Sekretär, kënnt Dir vläicht op déi Fro äntwerte vun der Madame Spautz?“

Schäffin Vera Spautz (LSAP):

„D'Konte vun 2008, 2009 an 2010 mussen mer déi eenzel ofstëmmen oder beieneen? Ok.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Et si keng Wuertmeldungen do, da kënne mer déi ofstëmmen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les comptes de gestion des années 2008, 2009 et 2010 de l'Office Social.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Merci.

Mir kommen op de Punkt b), dat ass déi nei Festleung vun der Allocation de vie chère, déi den Office social ausbezilt. Déi adaptéiere mer an déi Richtung, datt mer soen, all Persoun kritt eng Allocation de vie chère hei zu Esch fir d'Joer 2011 wa se ab dem 1. Januar 2011 hei gewunnt huet an d'Revenus nets, net d'Plafong déi bei Ärem Tableau hannendrun hänken, dépasséieren.

Ech wéilt do vläicht kuerz eng Erklärung dozou ofginn. Wat d'Allocation de vie chère ugeet, hu mir op den 18. November 2011 2.211 Demandé gehat. Dir wësst, dat gëtt ëffentlech ausgeschriwwen iwwert eng Annonce. Dat ass par rapport zu 2010 eng Augmentatioun vun insgesamt... also 16,34% vun den Escher Menagé kréien am Moment eng Allocatioun de vie chère. Fir lech ze soen, datt mer bei enger Awunnerzuel vun 30.307 Awunner, a Menagen 13.535, 2.211 Leit hunn déi déi ufroen, dat si 16,34%. Mir hunn 1.315 Menagen déi den RMG kréien. Dat sinn 9,72% vun eiser Bevëlkerung. Doropshin ass am Office social och d'Dispositioun an d'Décisioun geholl gi fir dës Aide unzepassen an deem Sënn, datt de Menage bei all Kand 50 Euro weider pro Kand kritt. Dat ass deem Tableau deem hannendrun hänkt. A loosst lech net duerchernee maache mat deem Chiffré ënne bei 9 Kanner. Si hunn dat e bësse schlecht ausgedréckt, well net 9 Kanner um Tableau dropgaange sinn. Bei all Kand a Menage gëtt et pro Kand 50 Euro bäi. Dat zur Erklärung vun den Allocations de vie chère. Do niewendru gëtt et jo nach déi Allocation, wou mer och schonn driwwer diskutéiert haten, de Soutien aux ménages, déi d'Escher Gemeng och ausbezilt an do si bis op den Datum vum 18.11.11, waren do 2.211 Demanden eragaangen.

Ech wéilt lech bidden dësen, wa keng Froe sinn, dësen Allocations de vie chère och zou ze stëmmen wann ech gelift.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'accorder une allocation de vie chère communale pour l'année 2011 et les années suivantes.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Elo

kënnt de Budget rectifié fir 2011 an den Exercice 2012. An do bleift einfach ze soen, dat sinn am Moment praktesch Estimatiounen. Mir wäerten elo während 3, 4 Joer erëm an déi Situatioun komme wéi mer se virdrun haten. Et sinn Estimatiounen déi mer eraginn, et si keng definitiv Budgeten, well de Ministère awer am Moment mat deem neie System an d'Offices sociaux iwwert d'ganz Land verdeelt, awer seng Problemer huet op de Punkt dat elo kënnen esou ausrechnen. Mir idem och well eng aner Kontabilitéit gemaach gëtt. Dat heescht déi Estimatiounen sinn zesumme gemaach gi mam Ministère a wäerten eis wahrscheinlech dann awer nach d'nächst Joer beschäftegen ob do eng Augmentatioun oder eng Diminutioun. Ech ginn éischter vun enger Augmentatioun aus, well och hei kann ee soen, datt op den 21. November dëst Joer eng Croissance vu Clienten am Office social ass vun 9,12%. Dat heescht, dat war elo am November a mir hunn nach 2 Méint. Et ass eng enorm Croissance do wéinst eben och déi Décisiounen wéi zum zum Beispill bei der Allocation de vie chère do eng Augmentatioun ze maachen. Ech ka vläicht och soen, datt, firwat nennen och dauernd den 21. November? Dat war deem Dag wou ech zesumme mat Verrieder vum Office social nach eng Kéier bei d'Ministesch war a gesot hunn, dass mer aussergewöhnlech Situatioun hei zu Esch hunn, méi Leit a méi Geld brauchen. Si hat e grousst oppent Ouer. Mir wäerte Leit bäikréien an iwwert d'Finanzen hu mer an den nächste Wochen a Méint jo do vill mateneen ze dinn, esou datt mer do eis Demande och elo offiziell eragi fir d'nächst Joer fir einfach kënnen, jo, esou behandelt ze gi wéi et hei sech zu Esch gehéiert. Mir sinn de

gréissten Office social mat de gréisste Problemer an do muss einfach par rapport zu aneren am Land, Esch aneschtens och betruucht ginn.

Ech géif dann zum Budget rectifié vun 2011 kommen. Deen ass an de Recetté 5.330.981,26 ausgeglaach an den Dépenses. Dat muss jo elo ëmmer opgoen. Déi si méi héich, well mer hu misste vu Januar, de Budget vu Januar, Mäerz mat eriwuerhuelen an 2011, well d'Konte vun 2010 hu missten ofgeschloss ginn an elo ass d'Budgetsjoer 1. Januar - 31. Dezember. Net wéi virdru wou et bis op den 31. Mäerz gaangen ass.

An ech géif dann och direkt de Budget estimatif wéi mer et elo eragi fir 2012 eraginn. An de Recetten an an den Dépenses och 3.392.000 Euro. An och do géif ech lech bidden deem wann ech gelift zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Och hei, Madame Spautz, si keng Wuertmeldungen, esou dass mer direkt kënnen d'Ofstëmmung maachen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité le budget rectifié pour l'exercice 2011 et le budget pour l'exercice 2012.

6. Inventaire supplémentaire des monuments nationaux: inscription de divers immeubles des sites «Crassier des Terres Rouges» et «Lentille des Terres Rouges»; avis
Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Sou, da fuere mer weider mam Punkt 6, dat ass den Inventaire supplémentaire vun där Lëscht vun de Monuments nationaux. Do geet et ëm eng Rei vun Immeublen um Site vum Crassier Terres Rouges an och der Lentille Terres Rouges. Do gi mir gefrot fir en Avis an ech géing lech proposéieren, dass dee Punkt vun eisem neien Héichbauschäfte presentéiert gëtt, den Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, no där Introductioun wourëms et geet.

Just kuerz Erklärungen. Dir hutt an Ärem Dossier, op deene Säiten hutt Dir Fotoe vun enger Rëtsch vu Gebaier. Am Schäfferot si mir der Meenung, datt mer der Madame Kulturministerin solle proposéieren 2 Gebaier, déi op der Lentille Terres Rouges sinn, op deen Inventaire supplémentaire des sites et monuments nationaux drop ze setzen. An zwar ass dat eent den ale Magasin an Entrepôt vun der Schmelz op Terres Rouges. An dat zweet ass d'Turbinenhal, och op der Lentille Terres Rouges. Déi proposéiere mer fir als erhaltenswäert, als Monuments nationaux ze klasséieren an deen Inventaire supplémentaire, während déi Gebaier, déi um Crassier stinn, vun eis net recommandéiert ginn. Do wëlle mer der Madame Kulturministerin en Avis négatif ginn, an zwar well mer scho virdrun, also an där Legislaturperiod virdrun décidéiert hunn, datt mer a Richtung vu Frankräich eng Urbaniséierung wëlle maache an datt de Crassier exploitéiert an ofgebaut soll ginn. Déi Décisioun si scho geholl ginn an där Legislaturperiod virdrun, esou datt mer déi Gebaier net wëllen op deen Inventaire supplémentaire kréien, well se deelweis och eng Barrière duerstelle par rapport zu der Ouverture vun der Urbanisatioun a Richtung vun Audun-le-Tiche, a Richtung vun deer Gréngorientéierung déi do soll gemaach ginn.

Also eis Proposition un de Gemengerot ass just déi 2 Gebaier op der Lentille Terres Rouges, déi Dir op der Foto gesitt, fir déi op den Inventaire supplémentaire ze huelen an deem Avis, dee mer un d'Kulturministesch ginn.

Den Här Zwally hat sech, mengen ech, als éischte gemellt an dann den Här Bernard.

André Zwally (CSV): „Merci, Här Huss. Ech wollt am Numm vun der CSV Fraktioun och eisen Accord ginn. Ech mengen, dass mir desöfteren hei d'Diskussioun haten, eng Revalorisatioun um Niveau vun der Industriekultur. Et ass jo esou gewiescht, dass ëmmer an der Diskussioun déi authentesch Gebaier fir eis wäertvoll waren, well mer och wëssen, dass an der Diskussioun et haaptsächlech ëm d'Héichuewe senger Zäit, wéi mer mat der Amicale eng Diskussioun haten, wat ee soll erhalen a wat net. Déi Uewen déi haut do stinn, schonn an der zweeter Generatioun waren an hei ass dat just de Contraire. Déi Gebaier déi do sinn, dat sinn déi déi vun Ufank un zu Terres Rouges stinn. D'Terres Rouges war keng integréiert Schmelz, well ganz einfach Stolwierker gefeelt hunn an och Walzwierker. Hei ass eng Schmelz gewiescht déi exklusiv nëmmen Héichiewen hat an

domatter verbonnen dann och déi Anlagen déi se gebraucht huet fir kënnen ze fonctionnéieren. An deem Sënn si mir dann domat d'accord fir dat heite mat ze stëmmen a mir hoffen och, dass an Zukunft hei am Gemengerot d'Entwécklung vun Terres Rouges wäert virgedriwwen ginn, mat der Hoffnung, dass wierklech do e Standuert entsteet dee sech integréiert an dat Neit mat dem Ale wat deemools do geschitt ass. An deem Sënn wäerte mir dëst matstëmmen.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Merci, da kënnt den Här Bernard an duerno den Här Baum an dann den Här Weidig.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci. Ech sinn d'accord mat der Proposition, dass d'Lentille Terres Rouges sollen op den Inventar gesat gi vun den Sites et Monuments nationaux. Sinn awer och der Meenung, dass een de Crassier kéint, also dat heescht, dass ee géif den Avis vun der Madame Minister suivéieren, well ech hu mech och renseignéiert an ech hu mat Leit geschwat déi alt do e bësse méi verstéiwech, déi mer och gemengt hu soen ze missten, dass et interessant wär, déi zwee Siten ze klasséieren. Ech weess natierlech, et ass eng Héicht dee Crassier vun 20, 30 Meter – ech kann dat elo net sou genau schätzen – an den Ënnergrond ass vasseux also leemeg an esou virun, mä ech mengen do hätt een awer och nach eng gutt Méiglechkeet wann een dat och géif mat op de Site mat eranhuelen. Dat ass meng Meenung. Also wéi gesot, ech sinn d'accord vum Prinzip hir mat der Lentille Terres Rouges, mä ech mengen dat anert soll een do den Avis vun der Regierung suivéieren. Merci.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Dann huet den Här Baum d'Wuert.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Merci, Här Huss. Ech sinn och averstane mat der Klasséierung vun deenen zwee Gebaier op der Lentille Terres Rouges. Ech mengen wat wichteg dobäi ass aus menger Siicht, ass och d'Tatsaach datt domatter e Garde-fou agebaut gëtt vu Säite vun der ëffentlecher Hand vis-à-vis vum aktuelle Propriétaire, datt deen net egal wat do maache kann an och net egal wat mat deem Site ka gemaach ginn. An duerfir ënnerstëtze mer dat absolut fir déi zwou Gebaielechkeeten ze klasséieren. Wat de Crassier ugeet, denken ech, datt dat wat architektonescht wahrscheinlech am wäertvollsten oder am interessantesten ass, dat wier d'Centrale thermique, mä déi ass awer vun der Bausubstanz an engem esou desolaten Zoustand, datt et

mengen ech, de Rapport Käschten/Notzen esou kleng wier, esou datt ech an deem Fall och de Recommandatioun vum Schäfferot meng Ënnerstëtzung gi fir deen net ze klasséieren.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Merci, Här Baum, dann huet d'Wuert den Här Weidig nach.“

Paul Weidig (LSAP): „Jo, vläicht ganz am Ufank eng allgemeng Remarque. Natierlech schütze mer duerch deen Inventaire supplémentaire eis vis-à-vis vun engem Propriétaire deen e Gebai, wat relativ wäertvoll ass, wëll ofrappen. Mä ech bedauern ëmmer, dass awer an deem Inventaire supplémentaire praktesch nëmmen Hypothéiken dra sinn. Dat heescht wann ëmgebaut gëtt, musse mer nofroen. Mir kréien och keng finanziell Ënnerstëtzung vum Stat iwwert deen Inventaire supplémentaire a mir wëssen dass an eisen Nopeschgemenge verschidde Gebaier klasséiert si ginn, déi herno sollten ëmgebaut ginn a wou décken Zirkus war.

Et muss ee sech ëmmer bewosst sinn, an do kommen ech op mäin zweete Punkt, wat herno den Impakt ass deen dat Ganzt huet. A wann ech kucken, da misst een am Fong geholl elo zwëschen der Lentille an zwëschen dem Crassier ënnerscheeden. Op der Lentille si Gebaier déi eng industriegegeschichtlech Valeur hunn, mä mir mussen awer oppassen, dass mir eis awer net d'Zukunft hypothekéieren. Et mussen awer och kënnen op der Lentille Projete realiséiert ginn, wéi zum Beispill e Fussballterrain, eng Schoul asw, ouni dass een déi gréisste Problemer kritt wann een eppes muss ewech rappen oder wëllt ëmbauen.

Wat deen zweeten Deel ubelaangt, dat betrëfft den Atelier mécanique vum Crassier. Do sinn ech awer ganz formell, dee muss ewech. Ech menge jiddweree weess, an den Här Huss huet dat och gesot, dass mir mussen iergendwann deen Terrain notze fir kënnen eng Extension vun eise Stadzentrum a Richtung Frankräich ze maachen. Mir mussen hei op déi franzéisch Projeten, Eco-Cité an Oin reagéieren. Duerfir muss de Crassier ewechkommen, da kréie mer Loft no där franséischer Säit. A wa mir d'Gebaier vum Crassier klasséieren, da schaafen mer eis erëm zousätzlech Problemer. Bon, iwwert d'Energiezentral hu mer scho méi oft hei geschwat, mä ech soen ëmmer erëm „nice to have“, leschtenends war an ass d'Renovéierung vun dem wuel imposante Gebai net ze bezuelen. Elo ass erëm e schéine Projet en vue, am Lëtzebuerger Land war en Artikel doriwwer, awer iwer

d'Käschten mecht kee sech Gedanken. Komm mir rappen et direkt ewech! Wa mer et elo net ewechrappen, kréie mer et ni méi ewech. D'Arbed soll forcéiert weidergoe fir de Crassier ze déblayéieren an ofzebauen, mat der Energiezentral, well soss geet et eis esou wéi et eis um Barbour gaangen ass. Do stinn nach Iwwerreschter vun der aaler Schmelz. Mea culpa, ech hunn deemools och dofir plädéiert fir dat Gemaiesch stoen ze loossen! Et steet nach haut do an et wäert nach an 100 Joer do stoen. Hätte mer deemools nëmmen alles mateneen ewechgerappt, da kënnte mäer den Terrain haut sënnvoll notzen.

An datselwecht gëllt fir de Crassier. De Crassier ass, ewéi gesot, de potentiellen Terrain fir déi zukünfteg Entwécklung vun eise Stadzentrum a Richtung Frankräich. An deem Sënn fannen ech d'Décisioun déi hei virgeschloe gëtt, dass mer de Magasin an d'Halle des Turbines ob der Lentille sollen klasséieren. Par conter, waat d'Ateliers Mecaniques vum Crassier ugeet, sollen mir eis do mat Hänn a mat Féiss dogéint wieren, dass dat Gebäi klasséiert gëtt. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Weidig. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Den Här Goetz."

Marco Goetz (CSV): „Also ech si frou, datt den Här Weidig nach ëmmer d'Meenung vu senger Fraktioun vertritt. Déi Diskussioun do erënnert mech dru wou se deemools wollten de Conservatoire ewechrappe fir eng rieseg Bensinstation dohinner ze bauen. Ech mengen haut si mer alleguete frou, datt dat net geschitt ass an datt de Conservatoire do bliwwen ass. Ech mengen et soll een net anticipéieren, no vir kucke wat esou Projete kaschten, mä et soll ee sech esou eng Bausubstanz erhalen, a wa mer se klasséiert kënne kréie wier dat eng exzellent Saach. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Goetz. Dann äntwert den, ah, nee, entschëllegt, den Här Codello nach."

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Loosst mech e bësse méi moderéiert Téin ubringe wat déi ganz Diskussioun ugeet. Den Avis négatif deen de Schäfferot proposéiert, kënnt jo aus Iwwerleeungen eraus, wéi den Här Weidig se awer och grondrichteg erkläert huet – vläicht e bësse méi mat enger perséinlecher Anteilnahme an Dynamik deen éischter wëll sprengt wéi ofdroen – mä ech mengen mir sollen awer

op de Wee goen. An Här Bernard, wann Dir lech an den Dossier vun eiser zukünfteger grenziwwerschreidender Politik aliist, an dat ass awer déi grenziwwerschreidend Politik déi awer hei och bis elo ëmmer am Konsens geholl ginn ass, an déi awer och elo ëmmer méi konkret gëtt. Den Här Weidig huet d'Eco-Cité op franséischer Säit ugeschwat, déi mir hei matdroen, déi mir am Conseil hei matgedroen hunn. Elo ass en Etablissement public gegrënnt gi vu franséischer Säit wou och Fördermëttel elo vu Paräis kommen. A wa mer déi grenziwwerschreidend Politik awer och hei op eiser Säit wëlle serieux huelen, mir hunn ëmmer gesot op franséischer Säit hinke se hannelndrun. Dee Retard hu se scho laang opgehall. Si sinn zwar nach net op dem Niveau wéi mir d'Evolution vu Belval gemaach hunn, well mir vu staatlecher Säit awer vill méi konkret a vill méi schnell ënnerstëtzt ginn. Mä wa mer déi grenziwwerschreidend Politik wëlle serieux huelen, da mussen mer de Crassier Terres Rouges awer ofdroen an och dat Gebai ass dann en Hindernis fir zukünfteg Projeten déi mer awer och hei bis elo nach ëmmer an der Unanimiteit presentéiert kritt hunn an och wouer geholl hunn.

De Plan d'eau ass genannt ginn, de Plan d'eau ass ee vun deene schéine grouse Projeten deen do virläit. Mä wat nach alles dobäi kënnt, wier dat heite Gebai leider en Hindernis an dofir ass deen Avis négatif deen de Schäfferot do proposéiert fir eis als LSAP Fraktioun 100%teg ze droen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello. Dann de Ressortschaffen."

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, just ganz kuerz. Ech si ganz frou iwwert déi gréisser, iwwer déi bal Unanimiteit oder iwwert d'Unanimiteit wat d'Gebaier ubelaangt, déi op der Lentille Terres Rouges sinn. Do huet mer geschéngt, datt jiddwereen domatter d'accord ass dat ze maachen. Doriwwer si mer frou. Dat ass jo och eis Propose.

Wat déi Gebaier ubelaangt um Crassier, ass et esou, wat den Här Bernard duergestallt huet, dat ass, datt een natierlech ka soen, et kann een ëmmer soen: Och dat Industriegebai wier nach erhaltenswäert, dat ass erhaltenswäert. Fir eis ginn et awer iwwergeuerdnet Iwwerleeungen, déi och vum Här Codello oder vum Här Weidig hei duergestallt gi sinn, nämlech déi Ouverture, déi mer gären hätten vun dëser Säit vun Esch a Frankräich era mat deene Projete vun deene geschwat ginn ass. Dee Plan d'eau op där enger Säit an déi Eco-Cité op där anerer Säit. An dofir

ass eis Propose fir déi Gebaier um Crassier net ze halen, mir wëllen, datt de Crassier schrëttweis verschwënnt, ofgebaut gëtt, datt mer do déi Ouverture zu Frankräich kréien. Dofir proposéiert de Schäfferot eben net déi ze erhalen, mä just déi op der Lentille Terres Rouges. Mä et ass esou, ech mengen datt d'Madame Buergermeeschtesch och heizou nach wëllt eng zousätzlech Informatioun ginn."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Huss. Dir waart ganz komplett. Ech wollt eigentlech zwou kleng Remarquë maachen. Déi éischt bezitt sech op d'thermesch Zentral an déi zweet bezitt sech op de Crassier telquel. Mir haten als Schäfferot eng Entrevue mat Arcelor Mittal de 16. September 2011, wou ënneranerem d'Fro ronderëm d'Zukunft vun der thermescher Zentral um Ordre du jour stoung, well mir als Schäfferot e Grupp vu Leit haten déi un eis erugetruede sinn iwwert eise Service Développement urbain, déi, wéi an der Vergaangenheet et oft de Fall war, hiren Interêt manifestéiert hu fir déi thermesch Zentral ze amenagéieren an ze notzen. A mir hunn du geduecht, well mir och schonn deen Inventaire do leien haten, an eis Positioun amgaange waren ze etabléieren, hu mer geduecht et misst ee fir allemol vu Säite vun der Arcelor gesot ginn, wéi hir Positioun zu där thermescher Zentral ass. Mir hu matgedeelt kritt, dass si e Verkafspräis géinge veranschlagen fir déi ganz staark mat Asbest verseuchten thermesche Zentral vu ronn 3,5 Milliounen Euro. Mir ginn dovunner aus, dass kee privaten, och net e Grupp vu Privaten, och net e Grupp vu ganz gutt situéierte Promoteuren, vu staatleche Servicer net ze schwätzen, d'Moyenen huet fir eleng e Prix d'acquisition ze bezuele vun 3,5 Milliounen. Mir hunn du gesot, dass mir der Meenung sinn, dass déi thermesche Zentral net soll erhale bleiwen, eben duerch déi Projeten déi d'Stad Esch huet, wollten awer vun hinnen déi Informatioun kréien, well jo awer ganz vill romantesch Virstellunge geeschtere ronderëm déi thermesche Zentral a mir awer wollte wirklech wësse wou mer dru sinn. Dat wollt ech als Informatioun hei ginn.

An déi zweet Informatioun, de Schäfferot huet den 12. Oktober e Bréif un de Conseil d'administration vum CHEM geschriwwen, nodeem et gewosst war, dass de CHEM unanime décidéiert huet fir an engem Zäithorizont 10-15 Joer a Richtung vun engem neie Südspidol ze goen. Dat ass eng Décisioun déi war laang fälleg an déi huet vill Diskussionsmat sech bruecht am CHEM, déi alleguer ganz konstruktiv waren. An an deem Bréif

dee mir den 12. Oktober als Hauptstanduertgemeng vum CHEM, an och als historéische Site vum Escher Spidol un de Verwaltungsrot geschriwwen hunn, deen huet zum Inhalt d'Informatioun, dass de Schäfferot en interne Groupe de travail chargiert huet fir d'potentiell Siten ze präiwe wou en neit Südspidol fir de Süde vum Land kéint implantéiert ginn. Eng vun de Préférence vum Escher Schäfferot ass de Crassier Terres Rouges. Dat wéilt ech och gären hei als Informatioun mat op de Wee ginn. Mir haten nach en anere Site dee mer matgeholl hu bei d'Arcelor. Mir hunn och nach aner Siten déi mer amgaange sinn ze präiwen. Et ass nach verfréit, mir wollten absolut verhënnern, dass d'Fro ronderëm en neit Südspidol sech reduzéiert op d'Fro vun engem Site. Mir géingen dat ganz onglécklech fannen, well wat am Mëttelpunkt muss stoen, ass den Inhalt vun engem neie Südspidol an d'medezinesch Versuergung an eiser Region an iwwert d'Region eraus an dat ass den Hauptpunkt. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass esou e Spidol am beschten hei zu Esch géing an der Zukunft stoen.

Et ass am Fong elo schonn d'Äntwert op d'Interventiounen vun de Gemengeréit, Här Kox.

Dat och zu Ärer Informatioun. Mir sinn elo esouwäit, dass mer wäerte mat der Arcelor zesummen e Groupe de travail grënnen fir déi méiglech Sitë wou praktesch an alle Konstellatiounen d'Arcelor e Partner ass, well eben de Gros vun deene Siten d'Propriétéit vun Arcelor ass, also déi Schicksalsgemeinschaft déi mir mat Arcelor an der Vergaangenheet hunn oder mat Arbed ganz fréier, déi wäert och an der Zukunft weider zum Droe kommen a vu dass mer esou e Südspidol net nëmme konzipéieren an enger regionaler an nationaler Optik an och an enger grenziwwerschreidender Optik wou eventuell Ausbauméiglechkeete mussen sinn zu der zukünfteger Eco-Cité, a sachant dass mer wëllen eng Gesamtplanung kréie fir och eng Valoriséierung vun deem Bauland ze kréie wat südlech vun Terres Rouges läit, nämlech ronderëm eisen ehemolegen ERA-Areal, schéngt eis déi Pist vum Crassier Terres Rouges, deen an engem Zäithorizont 7-10 Joer exploitéiert gëtt, also genee dee Planungshorizont deen een huet, fir esou en neit Haus ze plangen, ass dat fir eis eng kloer Optioun fir d'Zukunft. Dat ergänzend zu deenen Explikatiounen déi eisen Héichbauschäffen hei komplett ginn huet. A le moment venu, komme mir selbstverständlech hei an de Gemengerot fir Informatiounen ze ginn. Et gesäit och am Moment esou aus, wéi wa mer nach dëst Joer eng Informa-

tionsreunioun hätte fir all d'Gemengen déi am CHEM sinn. Dat hängt e bëssen dovunner of, ob den zoustänneg Minister an de Regierungsrot geet fir do den definitiven Aval ze kréien a Richtung vun engem Südspidol, de mëndlechen Aval vum Minister hu mer schonn, mä dat ass natierlech eppes wat an der Regierung muss tranchéiert ginn.

Ech hoffen Dir verzeit mer do e bësse méi explizit ginn ze sinn, mä ech mengen dat wier eng privilegiéiert Plaz hei fir dës Informatiounen ze ginn, ëmsou méi de CHEM a sengem Positionnement unanime war an dat kéint fir de Crassier Terres Rouges eng interessant Informatioun fir d'Zukunft sinn.

Ech weess net, et ass eigentlech elo net üblech dat erëm opzemaachen, mä vu dass natierlech awer eng wichteg Informatioun ass, déi ech selwer provoziert hunn, wollt ech dat awer an dësem Fall kuerz maachen. Awer wann ech gelift respektéiert trotzdem, dass mer beim Inventaire sinn an déi Ronn déi mer do ronderëm gedréint hunn, déi ass gedréint. Mä ech hunn awer zwou Wuertmeldungen, dat ass den Här Kox an den Här Baum a wann nach en drëtte wëllt eppes soen, dann ass dat méiglech. Awer wann ech gelift, dass mer da kéinten zum Vote kommen."

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Ech wollt nëmme ganz kuerz op déi Problematik oder op Idee vun dem neie Südspidol, agoen. Ech mengen op där anerer Säit muss een awer och de Gedanken hunn, dat ass jo och ugeklongen, op déi aner Säit, transfrontalière. An ech mengen, dass an de leschte Joeren oder an de leschten 3 Joer, den Här Sarkozy ass extra op Metz komm an huet dat verkënnegt, dass hien effektiv och do en Uni-Spidol wëll opzéien. Ech menge mir wësse ganz genau, dass et effektiv a Frankräich aner Hürde gi wéi hei, wou een alt iwwer verschidden Instanze bis no Paräis muss komme fir effektiv eng Kéier Geld ze kréien. Awer mir sollen awer och dann trotzdem, wa mer elo scho vun engem Standuert schwätzen, vun engem Südspidol, awer och eng Démarche maachen op Frankräich hin, an effektiv dat awer och nach eng Kéier mat hinnen diskutieren. Net dass mir hei op Crassier e Spidol plangen an opbauen, an dass si dann 3 Joer drop effektiv e Spidol an hirer Eco-Cité och opriichten. Ech mengen dat mécht awer och kee Sënn. Dat wollt ech just bäiflécken."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech weess, et ass alles meng eege Schold. Den Här Baum."

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, Madame Buergermeeschter, et ass Är eege Schold, mä ech war grad amgaang en Untrag ze schreiwe fir genau dat doten op den Ordre du jour vun der nächster Sëtzung ze huelen. Éischtens well ech der Meenung sinn, dass den Informatiounswee net dee richtegen ass wéi et gelaf ass. Dat heescht datt ech als Gemengerot aus der Press gewuer gi sinn, datt anscheinend Iwwerleeunge lafe fir en anere Site ze sichen, wou ech mer geduecht hätt, datt et vläicht awer um Gemengerot gewiescht wier, deen hätt misste privilegiéiert informéiert driwwer ginn. Mä bon, dat ass elo eben esou. Ech mengen, datt mer müssen déi Debatt, eng ganz sérieux inhaltlech Debatt féieren iwwert d'Zukunft vum CHEM. Besonnesch duerfir, well wann ee bedenkt wéi eng historéisch a wéi eng aktuell Bedeitung de CHEM fir Esch huet, mengen ech, komme mer net derlaanscht an enger Reunioun, an ech hoffen, datt dat ganz deemnächst ass, nach eng Kéier doropper zeréckzekomme wou wierklech och Informatiounen weiderginn un eis Conseillere a wou mer kënnen, wëssend wat déi aktuell Situatioun ass an och wëssend wat d'Pläng sinn, och domatter verbonnen ass jo d'Diskussioun driwwer, hätt een net kënne wa fréier net aner Feeler gemaach wiere ginn, net awer de CHEM op där doter Plaz ausbauen. Dat sinn alles Diskussiounen déi mussen gefouert ginn an ech plädéiere ganz staark dofir, datt mer dat och ganz deemnächst maachen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Gutt. Also ech mengen et war richtig, dass mir lech déi doten Informatiounen ginn hunn. Et ginn am Moment nach keng Pläng fir en neit Spidol. Dat wëll ech ganz däitlech hei soen. Et gëtt am Moment just eng Décisioun vum CHEM fir a Richtung vun engem neie Südspidol ze goen. Dat baséiert op Etuden déi elo während zwee Joer gemaach gi sinn, ongeféier, a mir hunn dat bei ganz ville Geleeënheete schonn héiere vun Minister, vun de Porte-parolë vum CHEM, dass dat elo sech iergendwéi méi konkretiséiert. Mä vill méi ass am Moment nach net ze soen, well dat hängt natierlech un engem Accord vum Regierungsrot. Dat ka weder e Gemengerot, ob dat den Escher oder den Diddelenger oder den Nidderkuerer oder de Käerjenger ass, net eleng decidéieren. Dat ass e Projet deen eng national Envergnue huet. Mir hängen natierlech un engem Accord vun engem Regierungsrot ier mer dat kënne maachen. A wann deen Accord do ass, da ginn direkt d'Gemengeréit informéiert an

et ka souguer sinn, dass dat dëst Joer nach ass.

Déi nächst Sitzung ass virgesi fir d'Budgets-presentatioun an et ass Traditioun hei am Haus, dass weder fir d'Presentatioun vum Budget, nach fir d'Äntwerten a virun allem d'Diskussioun ronderëm de Budget, en zousätzleche Punkt op den Ordre du jour kënnt. Dat wäerte mer och net maachen a mir wäerten eis hei och net als Escher Gemengerot, aus Solidaritéit vun deenen anere Gemengen, am CHEM erausléisen, mä mir wäerten eng Démarche mat hinnen ofstëmmen an dann déi Informatiounen esou maache wéi mer et am CHEM virgesinn hunn. Ech menge just, dass am Zesummenhang mam Crassier, wat eng reng Escher Geschicht ass – op alle Fall an der aktueller Situatioun – dass et do wichteg war lech d'Informatioun ze ginn, well jo och hei geschwat ginn ass ronderëm d'thermesch Zentral, dass dee Crassier kéint eng Roll spillen an der Zukunft bei der Planung vun engem neie Südspidol. Dat war den Zweck vun der Interventioun vum Schäfferot an ech sinn och dankbar, dass et als Solcht hei gesi ginn ass.

Gutt, da kéime mer zum Ofschloss, zum Vote vun deene Propositionen déi den Här Huss am Numm vum Schäfferot gemaach huet fir den Inventaire supplémentaire. Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte par 13 voix oui et 2 abstentions la proposition du collège des bourgmestre et échevins du 29 juin 2011 relative à l'inscription à l'inventaire supplémentaire des sites et monuments nationaux des deux immeubles situés sur la «Lentille des Terres Rouges», à savoir : l'ancien magasin et entrepôt de l'usine des Terres Rouges et la halle des turbines de l'usine des terres Rouges. Le conseil communal se rallie à l'avis négatif quant aux immeubles situés sur le «Crassier Terres Rouges».
Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid et Huss ainsi que les conseillers Baum, Bofferding, Codello, Hansen, Hildgen, Johanns, Kox, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Bernard et Goetz se sont abstenus.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech gesinn, dass hei eng Enthalung wëll begrënnt ginn. Dann huet den Här Bernard d'Wuert.“

Zénon Bernard (KPL): „Jo, ganz kuerz. Ech hat a menger Interventioun gesot, dass ech ganz d'accord war mat de Lentillen, dass déi sollen op de Site gesat ginn, dass ech awer meng Bedenken hat mam Crassier. A vu dass awer elo e gemeinsame Vote fir déi zwee kënnt, kann ech mer jo net selwer op de Kënn späizen an dofir stëmmen. Ech enthalte mech duerfir, ech si fir déi eng... – Här Codello, ech géing lech mol biede mat deene Grimassen do opzehale wann déi aner Leit schwätzen, ech géif lech bidden, well dat ass esou onangenehm heiansdo.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Hei, kommt, loosst wann ech gelift den Här Bernard schwätzen.“

Zénon Bernard (KPL): „Ech filmen lech eng Kéier, dann haalt Dir op domat. Dat ass da kloer, dass een net ka fir eppes stëmmen wann ee Bedenken huet zu engem zweete Volet vun deem selwechte Punkt, duerfir enthalen ech mech.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dat ass novollzéibar. Merci, Här Bernard. Wëllt och den Här Goetz seng Abstentoun motivéieren?“

Marco Goetz (CSV): „Ech schéngen iergendeppes falsch verstanen ze hunn, ech duecht mir géingen iwwert déi Proposition hei ofstëmmen fir dat eent klasséieren ze wëllen a fir dat anert net ze klasséieren. Dat schéngt awer net de Fall ze sinn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dach. Dir hutt dat richtig verstanen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Dach, et ass fir d'Lentille ze klasséieren an déi aner net ze klasséieren.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dat heescht, Dir hutt awer nach d'Geeënheet fir eng Rectificatif vum Vote ze maachen.“

Marco Goetz (CSV): „Ech hätt déi zwee och gäre klasséiert, op d'mannst datt een driwwer nodenkt wat ee mat esou engem Gebai mécht, dofir bleiwen ech da bei der Enthalung.“

7. Aides pour la rénovation de façades d'immeubles au centre-ville d'Esch-sur-Alzette; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt, Merci. Da kéime mer zum Punkt 7, Aidé fir d'Renovatioun vu Fassade vu Gebailechkeeten am Centre Ville. Och hei geet d'Wuert un eisen Héichbauschäffen, den Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Virun e puer Joer, ech mengen et musse 4 Joer gewiescht sinn, kënnen der och 5 sinn, huet de Schäfferot an de Gemengerot décidéiert am Sënn vun der Verschéinerung, vun den Efforte vun der Verschéinerung vun eiser Stad hei am Zentrum, Leit ze hëllefen, wa se hir Fassade géife renovéieren, fir hinnen da méiglecherweis Subventiounen ze ginn. Fir kënnen un eng Subventioun ze kommen, huet als Critère natierlech missten eng Baugenehmung virleien. Déi Aarbechten hu missten duerchgezu ginn an herno konnten d'Leit dann eng Demande eraschécke fir dobäi vun der Gemeng, vum Service de l'architecte a vun der Gemeng also gehollef ze kréien, finanziell. Wat elo hei virläit, dat sinn eng Partie vun esou Demanden, déi also esou eng Subventioun kritt hu fir hir Haiser ze verschéinere. Déi Proposen, déi hei virleien, och mat deene Suen, déi déi eenzel Propriétaire vun deenen Haiser kréien, déi sinn also proposéiert an accordéiert ginn an enger Sitzung vun der Bautekommissioun, zesumme mam Service de l'architecte, an déi hunn dat natierlech gemaach op der Grondlag vun enger Partie Critères, wou natierlech ee Critère war: d'Baugenehmung huet misste virleien, wéi dat gemaach ginn ass. Zweetens, et huet natierlech missten esou sinn, datt déi Aarbechten un de Fassade wierklech zu enger Verschéinerung vun der Fassade a vum Haus selwer, bäigedroen hunn. En anere Critère war, datt déi Fassaderenovéierung och an de Kontext vun den Haiser ronderëm huet missten erapassen. Dat sinn déi Haaptcritères, déi an der Annonce, déi mer deemools erausgeschriwwen haten, déi doranner enthalte waren, an op der Grondlag vun deene Critères huet d'Bautekommissioun dunn déi heite Montante vun Hëllef proposéiert. Et sinn der 3 dobäi déi jeeeweils 7.000 Euro als Subsid kréien. Dat sinn also 21.000 Euro insgesamt fir 3 Stéck, déi Dir kënnt an Ärem Dossier kucken. An déi aner 19.000 Euro déi verdeele sech op déi aner 4 Fassadenerneierungen, jee no Präis vun der Erneuerung, wat et kascht

huet, ass dat eng Propose vun der Bautekommissioun, déi do virläit. Ech géif lech proposéieren, dee Posten hei och ze stëmmen, déi Renovéierungshëllef an och ze stëmmen. Ech gesinn hei d'Madame Hildgen huet d'Wuert gefrot."

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Här Huss. Ech war dës Woch an enger Reunioun, do ass op eemol opkomm, d'Gemeng géif déi Aktioun hei net méi weiterféieren. A meng Fro ass elo, gëtt dat hei gestoppt oder kënnen d'Leit nach roueg hir Demande maache fir an de Genoss ze komme vun dëser Subvention? Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sinn nach aner Wuertmeldungen do zu deem Punkt? Jo, den Här Kox."

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Ass ee Critère an där Bautekommissioun och d'Energieproblematik an d'Dämmung vun der Fassade? Ech mengen et ass kloer, dass dat net fir all Fassade geet, besonnesch wann dat eng schéin al Fassad ass. Wann een do eng Dämmschicht drop mécht, dann ass de Charakter vun der Fassad ewech. Awer d'Méiglechkeet ass déi gepréift ginn?"

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Jo, Här Huss."

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Bon, mir ass net bekannt, datt déi Aktioun soll ophalen, op jidde Fall läit kee Schloss do vum Schäfferot, datt mer mat där Aktioun géifen ophalen. Wat mer musse kucken, dat gesi mer beim Budget, inwiewäit budgetär Mëttelen viru wäerten zur Verfügung stoen. Déi Fro vun der energetescher Sanéierung vun de Fassaden, déi den Här Kox ugeschwat huet, ass sécherlech eng ganz interessant Fro. Dat heescht et kéint duerchaus sinn, datt dat en zousätzleche Critère kéint an der Zukunft ginn, mä do hu mer nach kee Schloss dozou virleien. D'Fro ass natierlech dann och déi, inwiewäit déi ästhetesch Critère kombinéierbar si mat den energetesche Critèren. Dat musse mer ënnersiche loossen. Dat wäert geschéien och am Kontext vun der Diskussioun vun der Fortsetzung oder vun der Erneuerung oder vun der Iwwerhuelung vun eisem Energiekonzept, dee mer am Joer 2002 ugefaangen haten a wou eng Rei Mesurë geholl gi sinn. An eisem Koalitiounsprogramm hu mer jo och festgehalen – dat ass e Punkt wou mer duerno drop zeréckkommen – datt mer niewent der Subventionéierung vun energieaarmen Haus-

haltsgeräater eventuell och drun denken, fir eben esou energetesch Critèren an der Bautechnik och eventuell mat ze berécksichtigen. Mä dat muss ausgeschafft ginn."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Huss. Da kéime mer zur Ofstëmmung."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la liste d'aide pour la rénovation de façades d'immeubles au centre-ville.

8. Transactions immobilières: décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir géngen dann zum Punkt 8 iwwer, dat sinn d'Transactions immobilières an déi mécht haut eisen Déifbauschäffen, den Här Hinterscheid."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mer hunn eigentlech zwou Transactions immobilières déi direkt uneneen hänken. Dat éischt ass eng Integratioun vun zwou Terrainen déi an der rue Marie Curie... Fir déi wou net genau wësse wou déi läit, dat ass hei do wou d'rue Berwart ophält an dat Stéck wat laanscht den AOB eriwuer geet bis an d'rue de Luxembourg, dat heescht déi Stroossen déi direkt un de Bourgaart stoussen a wou mer nach en Deel Liegenschaften hunn a wou d'Arbed och nach en Deel Liegenschaften huet, a wou mer schonn e Plan directeur préparéiert hunn, wou mer scho Pape gestëmmt hu fir de Schlussgaart an do hu mer zwou Parzellen déi am Domaine public vun der Gemeng leien, déi mer proposéiere fir ze integréieren an den Domaine privé vun der Gemeng. Fir dann direkt op den zweete Punkt kënnen iwwer ze goen, en Acte d'échange mat Arcelor Mittal, wou mir der Arcelor Mittal 0,14 ca iwwerloosse fir e Präis vun 10.850 Euro an d'Arcelor Mittal eis 1,17 ar iwwerléist fir 40.950 Euro, also de Präis fir den Ar ass zweemol absolut deesewechen. Wat dann eng positiv Soutle fir

d'Arcelor Mittal vun 30.100 Euro mécht. Déi ganz Operatioun ass fir do déi Parzellen ze begraden déi am Bourgaart leien, fir dass mer kënnen do dee PAP oder dee pré PAP eng Kéier kënnen ëmsetze fir endlech do am Bourgaart déi Urbaniséierung kënnen virunzedreiwen. An deem Sënn wéi mer eis se virstellen, wéi se och schonn hei presentéiert ginn ass.

Deen drëtten Punkt ass en éischten Avenant zum Acte de donation vun 1963 tëscht der Stad Esch an der Arbed, déi de Beréng vun der Kierch Saint Henri, vun der Paterskierch wéi déi fréier genannt ginn ass, betrëfft a wou dra stoung, dass d'Affektatioun ni eng aner kéint si wéi d'Kierch oder als Klouschter, well do ware Pateren dran a wou de Moment dann den Deel Klouschter soll reafektéiert ginn zu Studentewunnengen an do war d'Arbed mat d'accord an dofir muss awer deen Acte de donation dahingehend geännert ginn, dass dat méiglech ass.

An dat véiert ass en Acte de cession tëscht der Stad Esch an enger N4 SCI wou déi SCI, déi Société immobilière eis 1 ar an 18 ca iwwerléist an der rue des Mineurs an der Hiehl. Dat ass och noutwenneg, dass se eis deen iwwerloosse fir dass mir d'Voirie publique kënnen fäerdeg maachen, well soss wär do wou si hire Projet immobilier hunn, wär deen net accessibel, well mir kéinten d'Voirie publique net maachen. Duerfir gëtt et dann och gratis cédéiert."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Hinterscheid. Et si keng Wuertmeldungen do, da kéinte mer direkt d'Ofstëmmung vun deenen Transactions immobilières maachen. Au vote."

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les transactions immobilières.

9. Modification du règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition d'appareils ménagers (A++ et A+++); décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir kéimen dann erëm zréck op de Schaffen Huss, dës Kéier a senger Eeigenschaft als Ëmwelt- an Energieschafften. De Punkt 9, dat ass d'Modifikatioun vun engem Règlement communal.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, et ass also, wéi Dir scho gesot hutt, et ass keen neie Règlement communal, et ass eng Modifikatioun vun engem Règlement communal. Den Ausgangspunkt dovunner ass wéi gesot, eist Energiekonzept, wat 2002 vun engem externe Büro ausgeschafft ginn ass a wou mer als Gemengerot, als Schäfferot an als Gemengerot, versicht haten de Leit dobaussen, de Privathaushalter Ënnerstëtzung ze ginn, wa se op de Wee géife goe beim Akaf vun Haushaltsgeräte, vu méiglechst energieaarme Geräte. Bis elo a bis zum 31. Dezember elo vun dësem Joer war et esou, datt mer am Fong Elektro- a Gefriergeräte, Waschmaschinen a Spülmaschine subventionéiert hu mat gewëssen Zommen, an zwar an deenen ënnerschiddlechen Energieeffizienzklassen A, A+ an A++. Elo ass et awer esou, datt an der Tëschenzäit, an deene leschten 3, 4, 5 Joer um Marché an deem Sënn immens Verbesserung kamm sinn an et ass esou, datt déi Maschine vun deenen ech geschwat hunn, déi Apparater vun deenen ech geschwat hunn, ëmmer méi energieeffizient gi sinn an um Marché verfügbar sinn. An doduercher besteet déi Modifikatioun, déi mer hei proposéieren doranner, fir nach just d'A++ Geräte ze subventionéieren an d'A+++ Geräte ze subventionéieren déi am héchste performant sinn, also A+++ an A++ ze subventionéieren mat ënnerschiddleche Critère. 40 Euro Subventioun bei A++ a 70 Euro bei A+++; an dat souwuel wat d'Frigidairen, d'Tiefkühltruhen an esou virun ubelaangt, wéi och wat d'Waschmaschinen a Spülmaschine betrëfft. Mir mengen, datt dat anert net méi ubruecht ass, well wéi gesot déi Geräte déi Dir an de Geschäfte ze kafen kritt, praktesch elo verfügbar sinn, a firwat d'A+++ méi subventionéiert gëtt, huet domat ze dinn, datt déi Geräte natierlech och nach méi deier sinn. Duerfir also déi Modifikatioun heivun. Dat ass eng Mesure an deem Energiekonzept, wou de Schäfferot proposéiert, de Privatleit dobaussen ënnert d'Äerm ze

gräifen, wa se sech energiebewusst verhalten. Mir si wéi gesot, ech hat dat virdru scho gesot, mer sinn amgaang ze iwwerleeën ob een net och ka Subventiounen offréiere bei bautechnesch energetesch Moosnamen. Dat muss mer nach analyséieren an do wäert Dir am Laf vun nächste Joer eng Propose kréien, fir och do de Leit e wéineg ze hëllefen. Dat gesot, proposéiere mer där Modifikatioun hei zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote direkt.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'arrêter le règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition d'appareils ménagers remplissant les conditions écologiques de la classe A++ et A+++.

10. Convention de remboursement dans le cadre de l'établissement d'un cadastre des biotopes; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Och de Punkt 10 ass am Domaine vum Environnement an zwar geet et hei ëm e Kadaster vun de Biotopen an d'Wuert bleift dann och beim Ëmweltschaffen, dem Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, just ganz kuerz. Am Sënn vun Ëmwelt- an Naturschutz ass et natierlech evident, datt an alle Gemengen hei am Land gekuckt gëtt fir déi bestehend Biotopen déi wichteg sinn an déi erhaltenswäert sinn, fir déi och effektiv ze schützen. Fir dat awer kënnen ze maachen, muss ee se fir d'éischt mol cartéieren, dat heescht et muss ee se fir d'éischt mol eraassen. Dat ass eng Initiativ, déi elo net vun der Gemeng ausgeet, mä déi am Fong vum Ministère de développement durable et aux infrastructures, vum Här Schanck ausgeet. Do ass e Büro chargéiert ginn, fir am ganze Land an de Gemengen déi Biotopcartéierung ze maachen. Et ass esou, datt de Ministère de Käschtepunkt dovunner zur Halschent iwwerhëlt an déi

aner 50% mussen vun de jeeweilege Gemengen iwwerholl ginn. Déi Biotopcartéierung ass duerchgefouert ginn, mä fir datt een doriwier ka verfügen, muss d'Gemeng dann effektiv och d'Halschent vum Käschtepunkt dovunner un de Ministère rembourséieren, also déi 50%. Insgesamt war dat fir eis Gemeng ronn 13.000 Euro. Dovunner 50%, dat ass eppes méi wéi 6.000 Euro, déi mir also hei sollen dem Ministère rembourséieren, fir kënnen dann Zougang ze kréien zu där Cartéierung vun de Biotopen hei um Territoire vun der Gemeng Esch. Et ass also just dat wat hei soll votéiert ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Huss. Au vote. Entschëllegt Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Et ass ganz interessant dat hei awer wier et méiglech, datt mir eng Kéier géifen als Member vum Conseil communal eng Opstellung kréie vun de Biotopen déi mir hei zu Esch hunn. Esouwäit wéi ech mech kann erënnern, ass et dat net ginn an et wier vläicht interessant ze wësse wéi e Räichtum, well e Biotop ass e Räichtum, dat mir hei zu Esch kënnen opweisen. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Also fir de Gemengerot ass alles méiglech wat machbar ass.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Dat heiten ass awer nëmme machbar, wa mer dat heite stëmmen. Dat heescht wa mer dee Remboursement hei un de Stat stëmmen, da gëtt dat heiten eréischt machbar, eréischt da kréie mer Zougang zu där Cartéierung, déi gemaach ginn ass.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention de remboursement dans le cadre de l'établissement d'un cadastre des biotopes signée entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg et la ville d'Esch-sur-Alzette.

11. Conventions entre la Ville et les moniteurs dans le cadre des activités sportives «Intégration par le sport»; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, mir géingen da vum Domaine vum Environnement iwwerwieselen an den Domaine vum Sport an hei geet d'Wuert dann un eise Sportschäfte fir Konventionen tëscht der Stad Esch mat Moniteuren am Kader vum Projet „Integratioun iwwert de Sport“. Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Dir kënnt lech vläicht drun erënnere wéi hei am Juni déi Fête de l'Intégration war. Do war och de Service des sports mat der Presentatioun vum Sportförderprogramm, a méi präzis am Beräich vum der sportlecher Integratioun un d'Adress vum den afrikanesche Fraen. Et hat esou e Succès, esou e Succès dass mer iwwerlaff gi sinn, an dass eigentlech bal 80% vun der kapverdianescher weiblicher Populatioun sech interesséiert huet an ageschriwwen huet. An et ass an där Konsequenz wou mer lech dann och elo proposéieren d'Konventionne mat deene Monitricen an deem Moniteur ze maache fir den Encadrement do vun deene Sportlerinnen a Sportler ze maachen. Dee gréisste Succès hat bal d'Schwammen. Et wonert ee sech, dass Leit déi op enger Insel op d'Welt kommen, op enger Insel grouss ginn, finalement net schwamme kënnen an do hate mer e ganz grouss Succès. Mä et ass awer och Liichtathletik, Lafen, déi och e groussen Interêt huet an an deem Sënn fuere mer elo viru mat deem Integratiounsprogramm wou mer eis da weider orientéieren un déi nordafrikanesch Populatioun déi mer an eiser Stad hunn. Plus particulièrement déi Leit déi hir Originen am Maghreb hunn a parallel si mer och amgaangen ze preparéiere fir och d'Populatioun aus dem Balkan och mat erauszekréien, wou een awer mat enger anerer Sensibilitéit muss dru goen. Virun allem wat d'weiblech Participatioun ugeet a wou mer eis och nach musse méi wäit domat ausernee setzen a méi drop preparéieren. Mä dat hei ass elo mol en éischte Schrëtt dee sech notament un d'kapverdianesch Populatioun adresséiert huet. Ech géing lech och bieden deene Konventionen zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci. Ech hunn elo an der Reiefolleg gesinn Zwally, Kox, Codello. Da maache mer et elo mol esou. Här Zwally, Dir hutt dann d'Wuert.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter, ech wollt am Numm vun der CSV Fraktioun eisen Accord hei ginn. Ech wollt awer nach eng Kéier bemierken, dass mer schonn an deene vireschten Diskussiounen ëmmer d'Fro gestallt hunn, vu dass mer haut jo esou e Conseil hu wou mer e bëssen an engem Fuerderungskatalog stinn, fir e Relevé ze kréien iwwert all déi Konventionen déi bestinn, respektiv déi nei déi bäikommen. Et ass u sech ëmmer erëm schwéier, och fir d'Memberen aus dem Conseil wann esou.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „A fir d'Memberen aus dem Schännerot.“

André Zwally (CSV): „An där Fro dann och fir de Schännerot, dass een en Iwwerbléck kritt op engem Blat wéi vill Konventionen dass et ginn a wéi een dann an Zukunft dovunner ka profitéieren. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dat ass gutt wann een dat op ee Bléck gesäit. Jo. Den Här Kox an dann den Här Codello.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Ech géif hei speziell awer op déi Konvention hei nach eng Kéier agoen an da mäin Accord ginn. Ech hat selwer mat enger Kapverdianerin ganz am Ufank vun deem Projet ze dinn, déi als Liichtathletin hei op Esch komm a mir hunn dann zesummen och mam Service des sports iwwer déi Konvention hu mer debattéiert an ech mengen dat ass sécherlech am Kader vun der Integratioun ass dat e ganz wichtige Projet.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Den Här Codello.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech soen dem Här Hinterscheid och Merci, dass hien op déi éischt Resultater vun deem dote Projet agaangen ass, déi scho villversprechend waren, begrëssen nach eng Kéier d'Fro vum Här Zwally, well dat ass fir d'uech dee Bësch do ze komme mat de Konventionen, dat ass scho flott wa mer do géingen e voluminéist Dokument zwar kréien, mä wat eis awer méi Transparenz doranner bréngt. Mä déi heite Konventionne leede sech jo och d'uech de Pacte d'intégration deen am Abrëll ënnerschriwwen ginn ass tëschent der Gemeng, dem Ministère an der ASTI. An ech weess net, ech hat elo net, ech hunn et net matkritt ob den Här Hinterscheid och gesot huet, 50% gëtt jo och co-finanziert an deem heite Kader vum Familien-

an Integratiounsministère. Mëtt Dezember kënnt den hausinterne Groupe de travail, Pacte d'intégration nach eng Kéier zesummen an da kritt de Conseil och d'Projet mat deene Budgete fir 2012 presentéiert. Dat wäert dann an der Januarsitzung sinn, esou dass Dir mol wat de Volet Integratioun an och Pacte d'intégration do Kloerheet kritt. Et ass ganz wichtig, et ass och nach eng Kéier ervirzesträichen, dass dee Groupe de travail wou sämtlech Servicer matenee schaffen, e ganz grouss Succès ass an dass hei och konkret mol Sport als Integratiounspolitik bedriwwen gëtt. Et ass vun de kapverdianeschen Damme geschwat ginn. Mir ginn elo op aner Communautéiten hin, déi soss ëmmer e bësse parallel zu eis gelieft hunn an et ass e Grondfeiler, dass Kultur a Sport sollen d'Integratiounspolitik fördern, well nëmmen esou, an net nëmmen iwwert d'Associatioun, mä och d'uech d'Associatiounen, kréie mer déi Leit an eise Mateneen hei an Esch integréiert.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Codello an och alle Virriedner. Den Här Hinterscheid nach kuerz fir d'Konklusioun.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Ma deem ass eigentlech näischt bäizefügen. Ech froen, dass e Relevé vun deene Konventionen opgestallt gëtt, pro Kategorie, dass een och gesäit, esou wéi mer eise Sportförderprogramm strukturéiert hunn: an deem Beräich hu mer esou vill, an deem Beräich hu mer esou vill. An ech géing och da proposéieren, dass gläichzäiteg och hannendru gesat gëtt, wéi vill Participanten dass mer hunn, dass ee wierklech gesäit, dass ee kann ofweien, den Invest dee mer tätigen als Gemeng par rapport zum Resultat wat mer hunn. Ech mengen dat ass wichtig, dass de Conseil dat kritt an ech sinn amgaang en Email un de Service des sports schonn ze maachen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Villmools Merci. Da kéime mer zur Ofstëmmung vun deenen heite Konventionen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferdin – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les conventions signées entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et les moniteurs/monitrices dans le cadre des activités sportives du projet «Intégration par le sport».

12. Avenant à la convention avec l'asbl «4Motion»: décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Da kéime mer direkt zum Punkt 12, dat ass en Avenant zu enger Konventioun déi och scho besteet an zwar mat 4Motion an dat presentéiert eis Jugendschäffin, d'Madame Spautz.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP):

„Merci. Dat ass eigentlech den Avenant elo vun 2011 an dat huet domatter ze dinne, dass eng Rei Aktivitéiten déi sollte gemaach gi vu 4Motion, dëst Joer net esou konnte gemaach gi well d'Haus wou se erakommen, net fäerdeg war. An dofir ass se e bësselchen ëmgeännert ginn. Dir wësst datt et eng Konventioun ass als Géigelleschtung, datt se da kee Loyer un eis bezuelen. De Loyer wier 12.000 Euro, war offiziell ausgerechent ginn, dofir schaffe si fir eis 240 Stonnen d'Joer. Si hunn dëst Joer 120 Stonne Formatioun Animateurs de pair gemaach. Hunn awer och scho Preparatiounen fir d'Ouverture vum Haus vun der Jugend, wat d'nächst Joer wäert sinn, do hu se scho 50 Stonnen investéiert. Iwwregens wäert dat Haus de 15. Februar um 16.30 offiziell ageweit gi mat der Ministesch, da wësst Dir dat alt schon am Virfeld. Si hunn d'Moderatioun gemaach vum Groupe de travail während der Journée Emploi hei zu Esch. Dann d'Reuniounen natierlech vun der Koordinatioun vun de Jonken zum Jugendkommunalplang an elo kënn och d'Organisatioun vum Forum „Place aux jeunes“ an den Nonnewisen. Dir wësst, datt do déi éischt Plaz fir déi Jugendlech kënn a si hunn dat do mat animéiert an och mat un der Gestaltung geschafft. An ech bieden Iech dann där Konventioun oder deem Avenant zu där Konventioun zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch –

Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant du 21 novembre 2011 à la convention du 10 décembre 2010 signé entre la ville d'Esch-sur-Alzette et l'asbl «4Motion».

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Mir missten da leider ee Punkt iwwersprange well de Ressortschäffe bis eraus ass. Dann huele mer dat herno de Punkt 13, Konventioun mat Myenergy an da géinge mer elo direkt de Punkt 14 huelen.“

14. Autorisation d'ester en justice (PAP Cactus Lallange): décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Dat ass eng Autorisation d'ester en justice am Zesummenhang mam PAP Cactus. A vu dass eise fréiere Bauteschäffen d'Haaptpersoun ronderëm dee Projet war an am beschten doriwwer Bescheed weess, géing ech proposéieren, dass hien eis e kleng Resumé mécht an och seet wiesou mir als Stad Esch, obwuel eis Prozedur eigentlech ofgeschloss ass, awer elo eng Autorisation d'ester en justice brauchen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. De kuerzen Historique. Mir hunn deen, no engem éischte PAP dee mer gestëmmt hunn, deen net approuvéiert ginn ass, hu mer op Recommandatioun vum Ministère, si mer dann an d'Prozedur gaange vun enger Modification ponctuelle vum PAG op der Haart. Déi ass dann de 5. Februar fir d'éischt gestëmmt ginn. Do si Reklamatiounen komm. De 5. Februar 2010 si Reklamatiounen komm. Et war den 22. Abrëll d'Auditioun. Ech hunn déi am Optrag vum Schäfferot gemaach mat enger Deliberatioun, mat engem Mandat explizit vum Schäfferot, well dat bis elo d'Prozedur war, dass ee Member vum Schäfferot sech dohinner gesat huet, déi Auditiounen gemaach huet. Mir hunn dann den 11. Juni 2010 dann hei als Gemengerot, déi Modifications partielles do approuvéiert. De Minister huet den 23. August 2010 déi Modifications partielles approuvéiert an den 18. Mäerz 2011 hu mir op Grond vun där Approbatioun de Permis ausgestellt fir dass kéint gebaut ginn. De 17. November ass en éischte Recours géint d'Décisioun vum Minister komm. Deen ass rejetéiert ginn an dann ass den 21. Dezember och nach e Recours komm an deen ass net reje-

téiert ginn. Et ass elo op Grond vun enger Décisioun vun der Cour administrative ass dee PAG, déi Approbatioun vum Minister casséiert ginn, mam Argument et wär e Formfeeler gewiescht well et net eng Majoritéit vum Schäfferot gewiescht wär déi déi Auditioun organiséiert hätt a gemaach hätt, mä nëmmen ee Schäffe mat engem Mandat. Dat geet net duer. Et muss eng Majoritéit vum Schäfferot sinn. Dat war allerdéngs bis elo d'gängeg Praxis. Dat war bis elo d'gängeg Praxis, net nëmmen hei zu Esch, mä an de ganze Gemengen. An et muss ee sech mol virstelle wat dat an der Stad Lëtzebuerg géing bedeide vun Opwand wat do misst bedriwwen ginn. Dat heescht, wann dat do normal Prozedur gëtt, da lähmt dat an Zukunft all Entwécklung am Stadentwécklungsberäich an an der Adaptatioun vun de PAPen.

Bon, et ass awer esou, dass dat do d'Argumentatioun war. Et ass och herno net approuvéiert ginn aus der Iwwerleeung well net e formale schréftleche Rapport virgeluecht ginn ass dem Gemengerot hei vum Schäfferot. De Rapport ass hei mëndlech gemaach ginn am Detail. An dat war d'Positioun vum Schäfferot an dem Gemengerot ass déi och duergaangen. Deen huet jo och op Grond dovunner säi Vote geholl. Hei ass administrativ a prozedural la petite bête gesicht ginn an et ass aus där Iwwerleeung eraus wou de Schäfferot och décidéiert huet fir an Appel ze goen, well wann dat do normal Prozedur gëtt a wann dat do Jurisprudenz gëtt definitiv, da si mer an enger Situatioun, an engem Blocage totale, da si mer an engem Blocage total vun eise Stadentwécklungen a vun dohier ass dann de Legislatuer gegebenefalls, gefuerdert fir ze legiferéieren, an dat erëm ze präziséieren. Well ech mengen net, dass dat am Sënn vum Legislatuer war wéi en déi Stadentwécklungsgesetzgebung oder déi Aménagement communal-Gesetzgebung novelléiert huet.

Bon, ceci dit, wëlle mir einfach och elo wësse wéi dat elo definitiv virugeet. Och fir eis selwer. Net nëmmen an deem präzise Punkt PAG Cactus oder PAG op der Haart, mä generell fir ze wësse wéi mer eis musse behuelen a wéi d'richteg Prozedur dann ass, esou wéi d'Gerichter se gesinn. Ech wëll och nach präziséieren, dass mer déi ganz Prozedur étroitement begleet vun eise Jurist hunn. Mir hunn och op Grond vun all deenen Diskussiounen déi mer an der Vergaangenheet haten, ëmmer déi Auditioun och a Präsenz vun eise Jurist gemaach, fir dass mer net e prozeduralen Impair während der Auditioun a während der Prozedur gemaach hunn. Hei ass elo wierklech bis

an den Detail la petite bête gesicht ginn. Mir ginn an Appel. Mir versichen ze kucke wat elo d'Konklusioun definitiv vun der d'Cour administrative ass. A wann dat se da sollt definitiv sinn, da si sämtlech Schäfferéit am Land domat konfrontéiert. Fir eng Gemeng wou e Schäfferot aus 3 Leit besteet, ass dat e bësse manner komplizéiert, mä wat d'Gemenge méi grouss ginn, wat do den Opwand méi komplizéiert gëtt an da mussen mer eis froe wéi wäit e Schäfferot iwwerhaupt nach iergendengem Member kann eng Delegatioun gi fir eng präzis Aufgab. Well do stellt sech och hannendru d'Prinzip vum Fonctionnement vun engem Schäfferot, wéi wäit dass een ee Schäfte mat engem präzisen Dossier ka mandatéieren, stellvertretend fir de ganze Schäfferot wann dat an enger offizieller an transparenter Prozedur geschitt ass. Dat sinn d'Tenanten an d'Abutissante vun deem Dossier an et ass och dofir wou mer gär eng Autorisation d'ester en justice hätte fir kënne viru Geriicht ze goen an do dat ze klären. Obwuel et net primär géint eis Décisioun geet, mä géint de Minister seng, mä eis Prozedur ass als Ophänker do geholl ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt, au vote fir déi Autorisation d'ester en justice.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferdig – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'autoriser le collège des bourgmestre et échevins à représenter l'administration communale devant la cour administrative.

13. Convention avec «myenergy Luxembourg»; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, mir kéimen da kuerz zrëck op de Punkt 13, d'Konventioun mat „myenergy“ an d'Wuert geet un de Schäfte Huss.“

Schäfte Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, dat ass eng Konventioun déi am Fong scho virun de Wahlen gemaach ginn ass mat deem Büro „myenergy“. Et ass eng Konventioun, déi net d'Escher Gemeng eleng betrëfft, mä d'Escher Gemeng an

d'Schëfflenger Gemeng zesumme betrëfft. De But vun där Konventioun ass et, wa mer déi hei votéieren, datt de Particulier dobaussen, d'Leit dobaussen iwwer „myenergy“ ugebuede kréien, eng Berodung an Energiefroen, an zwar eng gratis Berodung offréiert ze kréien, wat am Fong eng Grondberodung ass. Et ass net esou, datt dee Büro „myenergy“ dann an all eenzel Haus geet fir do déi Saachen ze ënnersichen, nee et ass eng allgemeng Berodung déi offréiert gëtt, an zwar eng Berodung déi gratis ass fir de Leit ze erméiglechen, energiebewusst hir Wunneng ze verännern an ze renovéieren. Energiebewusst handelen, éischstens, huet mat der Problematik vum Klima ze dinn, wou bekanntlech grad elo d'Konferenz vun Durban iwwert de Klima ugaangen ass. Vun dohier also hält de Schäfferot drop, datt mer kucke méiglechst energiebewusst och hei zu Esch ze liewen, fir d'Klima ze schützen.

An dat zweet ass natierlech dat, wat och mam Portefeuille vu jiddwer eenzelnen ze dinn huet. Leit, déi hir Haiser, hir Wunnengen energiebewusst renovéieren, kënnen dovunner profitéieren an deene kommende Joeren, fir datt hir Rechnung fir d'Energiekäschten da manner héich wäert si wann d'Präisser riskéieren ze klammen. Et brauch nëmmen esou ze sinn, datt an 2, 3, 4 Joer erëm iergendwéi d'Weltkonjunktur unzitt, da muss een dovunner ausgoen, datt och d'Pétrols an d'Gaspräisser wäerten unzéien. Een, deen dann drop virbereet ass, dee säin Haus dann energiebewusst renovéiert huet, oder deen op Energies renouvelables gesat huet, dee säin Haus wärmege-dämmt huet oder den Daach, dee wäert dann am Virdeel sinn, fir och säi Portemonnaie an deene kommende Joeren ze schützen. Dofir also déi Konventioun.

Déi Themen déi vu „myenergy“ de Leit an der Grondberodung ugebuede ginn, sinn Energie spueren am Alldag, energetesch Altbautsanéierung, energieeffiziente Neibau an erneierbar Energien, Solar-energie, Heize mat Holz, Wärmepompe, Förderprogramm, Energieausweis an esou virun.

Dat ass dat wat gemaach gëtt, a wann da Leit op der Grondlag vun där Berodung un hirem Haus konkret eppes wëlle maachen, dann hu mer jo hei zu Esch an an der Ëmgéigend eng Rei vu Firmen, vu kommerzielle Betriber déi dat maachen, da mussen d'Leit sech op der Grondlag vun där allgemenger Berodung un esou eng Firma richte fir déi Aarbechten dann ze effectuieren. Wat de Virdeel ass, déi Grondberodung déi „myenergy“ liwwert un d'Leit, ass eng Gratisberodung. E gratis Service.

Fir d'Gemeng ass et awer net gratis! Déi Leit, déi déi Berodung maachen, dat huet natierlech e Käschtepunkt an an där Konventioun ass et dann esou, datt d'Gemeng dee Käschtepunkt vun där Berodung stonneweis facturéiert kritt, dat heescht pro Stonn facturéiert kritt. Et ass net esou, datt déi Berodung permanent do ass, mä déi Berodung fonctionnéiert op Rendez-vous. Dat heescht, eng Persoun ka sech e Rendez-vous froe bei dem Infopoint „myenergy“ an an deem Kontrakt gëtt festgehalten, datt d'Gemeng d'Aufgab huet fir d'Leit doriwwer ze informéieren iwwert eis Kommunikations-mëttelen déi mer hunn. Iwwert eisen analytesche Bericht dee jo an all Haushalt kënnt zum Beispill, fir datt d'Leit wëssen, datt et „myenergy“ gëtt an datt „myenergy“ eng gratis Grondberodung u jiddwer eenzelne mécht, deen dat ufreet, awer op Rendez-vous. Dat ass de Prinzip do dervun.

Déi Berodung ass net nëmmen eng Escher Berodung, et ass also wéi gesot och eng Schëfflenger Berodung. Deen Info-Point, deen huet zu Schëffleng schon existéiert. Dee Büro „myenergy“ ass interesséiert drun déi Berodung efficace a sérieux ze maachen. Mir hunn och mol nogefrot, an der Stad Lëtzebuerg gëtt dat scho gemaach an ech hu gesot kritt, datt dat absolut professionell géif gemaach ginn, a mat grousser Efficacité géif gemaach ginn. Vun dohier ass eis Propose déi Konventioun hei ze stëmmen. Si kascht eis natierlech méi, wa vill Leit do déi Grondberodung ufroen. Mä mir mengen, dat ass eben eis Iwwerzeegung, datt et wichteg ass, datt op allen Niveaue versicht gëtt energiepolitesch an eng besser Zukunft ze goen, a mer wëllen de Leit dobäi hëllefen dat ze maachen. Esou wéi mer et viru bei deem Punkt hate mat de Subventiounen fir Frigidieren oder Wäschmaschinen, an esou virun, ass dat heiten eng Offer, déi fir d'Leit dobausse gratis ass. Ech mengen dat ass dat, wat zielt.

Déi Konventioun leeft vu Joer zu Joer. Si muss, wa se soll gekënnegt ginn, mussen déi zwee Partenaire, also „myenergy“ an d'Gemeng, e Mount viru spéitstens soen, ob se virun dat nächst Joer iwwerholl gëtt oder ob se gekënnegt gëtt. Dat kënne mir d'nächste Kéier decidéieren. Ech mengen et soll een dann e Bilan maachen. Wann déi Saach a Kraaft ass, soll ee géint de Schluss vun der Lafzäit e Bilan maache fir ze kucke wat et bruecht huet. Ech mengen, datt et positiv ass. D'Erfahrung vum der Stad Lëtzebuerg si positiv domatter. Mä et muss een natierlech och kucken, wat fir d'Gemeng de Käschtepunkt dovunner ass. Et ass schéin,

datt mir eng Gratisoffer un eis Bierger maachen, mir mussen natierlech och budgetär kucke wat ass herno de Käschtepunkt dovun an ass et der Méi wäert, dat virunzufueren oder muss een eventuell op eng aner Solutioun vun Energieberodung goen? Am Moment proposéiere mir dem Gemengerot déi hei Konventioun esou ze stëmmen.

Ech mengen elo hunn ech déi wichtegst Saache gesot. Wa Froen do sinn, kënnen se natierlech gestallt ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Huss. Jo, den Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Merci, Här Huss, fir d'Explikatiounen. Just vläicht eng Remarque dozou. Déi Energieberodung riicht sech, esou wéi se konzipéiert ass, virun allem natierlech un d'Propriétaire vun Haiser, wa se renovéiere wëllen. An ech mengen datt se – och wann ech se matstëmmen natierlech, well et eng gutt Saach ass – datt een Element doranner feelt. Och en Element an der Konzeption vun „myenergy“, dat ass déi ganz Fro vun Energiearmut. Dat heescht déi Leit déi net selwer Propriétaire sinn, an déi oft an eng Energiefæl erageroden. Well den eigentleche Propriétaire huet net wierklech Interêt dorunner fir wierklech eng energetesch Sanéierung vun deem Haus ze maachen. Déi bleiwen op de Käschten hänken. An ech mengen, datt mer an Zukunft als Escher Gemeng och missten ergänzend zu deem wat „myenergy“ duerstellt, eis Gedanke maache wéi kënnen mer Leit aus där Energiefæl, och aus der Energiearmut eraushëllefen?“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum. Den Här Kox.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): *(Mikro äus)* Ech hunn eng kleng Fro, et geet ëm d'Finanzéierung. Ech mengen dass (...) Energiekonzept 2002 ausgeschafft ginn ass, dass se do e Subsid vum Stat kritt hunn. Wéi ass et elo bei der Ëmsetzung hei? Kënnen mer och elo nees e Subsid ufroe wa mer dat Konzept do ausféieren?

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Dat kann ech lech am Moment esou aus dem Stegreif net beäntweren. Do muss ech selwer nofroen. Dir wësst, dass ech nei am Dossier sinn. Ech wäert dat dann nach nofroen an da kritt Dir zum gegebenen Zäitpunkt eng Äntwert doropper. Wat dem Här Baum seng Remarquen ubelaangt, huet hie ganz Richteg dat Konzept vun der Energiearmut ugeschwat, also vu Leit déi an eng Energiefæl

riskéieren eran ze geroden. Ech mengen dat ass der Méi wäert fir sech doriwwer Gedanken ze maachen. Effektiv. Mir sinn amgaangen ze kucke wéi mer dat Energiekonzept wat eben 2002 op den Dësch geluecht ginn ass, wéi mer dat kënnen nach verfeinere. Dat do ass ee Gedanken deen ee sécherlech do soll mat eranhuelen. Mä ech mengen elo mol, datt ee soll hei där Konventioun hei mat „myenergy“ zoustëmmen.

Et ass nach een Element dobäi wat ech awer och wëll hei ervirhiewen, dat ass, dass déi Berodung natierlech a Büro muss stattfannen. An et si jo zwou Gemengen déi hei en cause sinn, Schëffleng an Esch, an am léifsten hätte si gären, datt zu Schëffleng an zu Esch géife Büroen zur Verfügung stoen, modern, also mat Internetzuschloss an esou virun. An do hu mer elo nach keng Décisioun geholl, mä do si mer amgaangen d'Méiglechkeeten ze ënnersichen, ze kucken, ob mer dat hei am Gebai kënnen maachen, ob et méiglech ass hei am Gebai eng Raimlechkeet ze fannen. Déi Berodung ass jo dann nëmmen op Rendez-vous an net durablement vun 08.00 – 12.00 a vun 14.00 – 17.00 all Dag. Mer kucken ob hei am Gemeindegebai eng Raimlechkeet zur Verfügung steet. Gegebenefalls kéint dat och sinn eventuell an der Raimlechkeet vum Service écologique oder mer kéinten och kucken, ob mer Büroen zur Verfügung hunn, eventuell hei am Zentrum, déi mer fir „myenergy“ kéinten zur Verfügung stellen. Mä dat ass nach net gekläert. An et sinn déi Méiglechkeeten, et sinn 3 Méiglechkeeten déi mer hunn. Natierlech, wa mer Büro misste selwer lounen an zur Verfügung stellen, ass et natierlech erëm eng Kéier eng Fro vun zousätzlech Käschtepunkt. Wichteg bei där Berodung hei ass, datt se fir de Particulier, fir d'Leit dobausse gratis ass.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention du 14 juillet 2011 signée entre la ville d'Esch-sur-Alzette, la commune de Schifflange et «MyEnergy GIE».

15. Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Punkt 15, dat sinn déi Personalfroen déi mer an der ëffentlecher Sëtzung ze traktéieren hunn. D'Wuert huet de Personalschäffen.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, ech géif allerdéngs mengen, ech sinn net sécher, mä ech géif mengen, vu datt et sech ëm eng Fro handelt, wou eisen aktuelle Sekretär en cause ass.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech mengen den Här Limpach muss eraus goen.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Sou, da géife mer zu där Personalfro an der ëffentlecher Sëtzung hei kommen. Dir kënnt lech erënneren, datt mer am Huis clos aktéiert hunn a votéiert hunn, datt den Här Limpach renoncéiert op dee Posten, deen hien hat vu Secrétaire adjoint. Dat hu mer virdru votéiert, unanimement, an ech hat do derbäi gesot, datt mer an der ëffentlecher Sëtzung da géifen driwwer schwätzen, iwwert eng nei Fonctioun, déi mer dem Här Limpach kéinten dofir ginn. Déi nei Fonctioun ass d'Creatioun am Service vum Sekretariat vun engem neie Service, nommé „Service des archives“. An doranner géif den Här Limpach, dat proposéiere mer, den Titel kréie vu Chef de service vun deem Service des archives. Dat ass säi Wonsch. Dat ass dat wat hie selwer wëllt maachen, wou hie seet, dat ass eppes wat hie wierklech ganz staark géing interesséieren.

A vum Schäfferot hir ass et natierlech och eng ganz wichteg Saach, datt mer mat der Creatioun vun deem neie Service och d'Problematik vun eisen Archive vun der Gemeng, virun allem och vun den historischen Archive vun der Gemeng, endlech besser an de Grëff kréien, datt mer dat kënnen opschaffen. Am Moment gëtt et villes vun deenen Archiven, wat a Kartongskëschte läit, wat am Fong e weénege en onwierdegen Zoustand ass, a mer hoffen iwwert déi Creatioun hei, vun deem Service des archives, a mam Här Marc Limpach als Chef de service do der-vun, déi Saachen elo kënnen op eng sérieux Aart a Weis opzeschaffe fir datt mer dann och sérieux Archives historiques domatter kréien.

U sech war dat am Organigramm vun der Gemeng scho virgesinn, mä et ass net exekutéiert ginn, well, virun 2, 3 Joer muss dat gewiescht sinn, de Service des sports, du tourisme et des affaires internationales gegrënnt ginn ass, esou datt

et am Fong net zu där Nominatioun do komm ass. Mä et war virgesinn am Organigramm. Elo zéie mer dat dann elo endlech duerch, datt mer dee Service des archives kréien a mir proposéieren den Här Marc Limpach als Chef de service do dervun.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Madame Hildgen an den Här Baum.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Also mir als CSV ënnerstëtzen dat hei bestëmmt, well et stoung am Organigramm. Mir hu scho ganz dacks dovun geschwat an net nëmmen d'lescht Joer, scho virun e puer Joer awer schonn. Awer meng Fro déi ech hunn, hu mir eng Plaz fir déi Archiven ze installéieren? Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Den Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, just och eng ganz kuerz Fro, eng Präzisioun. Dir schwätzt vum Organigramm vun der Gemeng. Et wier vläicht net schlecht wa mer als Conseiller nach eng Kéier deen Organigramm kéinten zougestallt kréie fir wierklech och en Iwwerbléck ze hunn iwwert d'Situatioun.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Vläicht eng kuerz Äntwert. Par rapport zu der Madame Hildgen, et ass esou, datt d'Aufgab vum Här Limpach doranner wäert bestoen aus all deenen Dokumenter an aus all deene Kartongskëschten déi et do gëtt, fir zesumme mam Service informatique déi ze digitaliséieren a se dann ze stockéieren. Dir wësst datt dat haut net méi esou ass, datt een alles muss esou als Pabeiere klasséieren, dat kann een haut och iwwer Informatik maachen a vill méi efficace iwwregens mat der Informatik. An déi ginn da conservéiert, gesaved wéi een dat haut modernerweis seet, an dofir brauch kee gréissere Raum fir Stockage méi ze sinn, wéi wann dat alles a Pabeierform géif archivéiert a gehale ginn. Also do fanne mer schonn eng Léisung.“

